




BIERGER




GESELLSCHAFT



POLITIK

ZESUMMEN D'LËTZEBUERGER
SPROOCH FËRDEREN





OFSCHLOSSRAPPORT

© Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse


Konzept an Text : Service de Coordination
de la Recherche et de l'Innovation
pédagogiques et technologiques (SCRIPT)

1.Oplag : 2018

N° ISBN : 978-99959-1-125-6

INDEX

- 02. **AFÉIERUNG**
- 04. **POLITESCH DIMENSIOUN:
20-JORES-PLANG**
- 10. **GESELLSCHAFTLECH DIMENSIOUN:
TNS-ILRES-ËMFRO**
- 25. **BIERGERLECH DIMENSIOUN:
SPROOCHERONNEN**
- 40. **OFSCHLOSS**



1. AFÉIERUNG


D'Méisproochegkeet ass eng vun de grouse Méiglechkeeten, Chancen an och Erausfuerunge vum Lëtzebuerger Land. D'Niefteneen an d'Matenee vu méi Sproochen am Alldag vun den allermeeschte Bierger sinn typesch fir eist Land; et ass e Räichtum, mee och muenchmol eng Barrière. Zentraalt Element vun dësem Sproochemix war an ass nach ëmmer Lëtzebuergesch – souwuel als Integratiounssprooch wéi och als Kommunikatiounsmëttel am Alldag.

Dës Regierung huet Efforte gemaach, fir de Status vum Lëtzebuergesch weider opzewäerten a konsequent d'Förderung vun der Sprooch ze garantéieren. Dat soll kuerz- a virun allem laangfristeg geschéien, natierlech virun allem an der Educatioun an an der Kultur, mee och an allen anere Beräicher vum ëffentleche Liewen. Aus deem Grond huet d'Regierung, ënner der Leedung vum Educatiounsministère a mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère, eng Démarche ausgeschafft, déi op dräi Piliere opbaut:



1. engem Gesetz iwwer d'Lëtzebuergesch mat ënner anerem der Propos fir d'Grënnung vun engem *Zentrum fir d'Lëtzebuergesch* mat engem *Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch*, Prozedure fir d'Norméiere vum Lëtzebuergesch esou wéi et an eisen Nopeschlänner fir d'Däisch an d'Franséisch de Fall ass, an engem Aktionsplang, dee fir 20 Joer ausgeschafft, vun der Regierung ugeholl an all fënnef Joer ugepasst gëtt. Am Virfeld vun deem Gesetz hat d'Regierung e Strategiepabeier mat 40 Mesuren a Pisten ausgeschafft, déi am Beräich vum Lëtzebuergesch sollen ëmgesat ginn;
2. der grousser Ëmfro vun TNS Ilres, wou per Telefon- an Internet-enquête Informatiounen iwwer d'Roll vum Lëtzebuergesch an der Gesellschaft gesammelt goufen;
3. Sproocheronnen, déi den Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet ginn hunn, aktiv matzediskutéieren iwwer d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch. Et ware Biergerowender op véier Plazen am Land, an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch-Uelzecht, zu Munneref an zu Dikrech. Iwwer déi ganzen Zäit vun der Campagne konnt ausserdeem jiddwereen an dem Online-Forum www.sproocheronn.lu aktiv ginn, fir seng Meenung ze schreiwen a sech mat anere Bierger auszetauschen.

D'Proposen, d'Resultater, d'Ureegungen an d'Commentairé vun dësen dräi Piliere ginn an deem heiten Dokument zesummegefaasst. Déi 40 Mesurë vun der Regierung hirem Strategiepabeier gi verbonne mat de gesellschaftlechen Aussoe vun der Ilres-Ëmfro an de Proposen a Léisungsvirschléi vun de Bierger aus de Sproocheronnen. Dës Pabeier steet domadder fir eng ganzheetlech Strategie zugonschte vun der lëtzebuergescher Sprooch.



2 POLITESCH DIMENSION: 20-JORES-PLANG

An de leschte Joren huet d'Regierung, speziell den Educations- an de Kulturministère, ënnerschiddlech Initiativen, Gesetzer a Projeten ausgeschafft an ëmgesat, fir d'Lëtzebuergesch virunzedreiwen an der Nationalsprooch dee Stellerwäert ze ginn, dee si am Kontext vun der Sproochendiskussioun verdéngt.

D'Regierung huet d'Wichtigkeet vun der Lëtzeburger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a Literatursprooch ënnerstrach. Et gi jo scho vill Moosnamen, fir d'Lëtzeburger Sprooch ze fërderen; der Regierung hiert Engagement ziilt dorobber, déi Aktivitéiten ze koordinéieren an ze verstärken.

Parallel zum Lëtzebuergeschen ass och d'Méissproochegkeet eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Traditionell si Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch d'Sprooch vum Land, mee do dernieft ginn am Alldag nach aner Sprooch gebraucht. Zesumme prägen si d'Identitéit vum Land an droen zur gesellschaftlecher a sozialer Kohäsioun bäi. Dofir engagéiert sech d'Regierung fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen a gläichzäitig fir d'Promotioun vun der Méissproochegkeet.

De Strategiepabeier vun der Regierung mat de 40 Mesurë vun 2017 ass en entscheident Dokument, dat als Basis fir den Aktiounsplang déngt an et erlaabt, mëttel- an och laangfristeg Initiativen an de System, an d'Gesellschaft, eranzubringen, déi der Entwécklung vum Lëtzebuergeschen hëllefen. Dës Strategiepabeier gouf op Regierungsniveau ausgeschafft; et war eng Kooperatioun tëscht den ënnerschiddlechen Ministèrenen ënner der Leedung vun der Education an der Kultur. Et hunn awer och aner Ministèrenen hir Proposen am Kontext vun der Fërderung vum Lëtzebuergeschen mat erabruucht, fir e kohärenten an duerchduechte Strategiepabeier ze schreiwen.

D'REGIERUNG VISÉIERT VÉIER GROUSS ZILER AN ENGAGÉIERT SECH KONKRET FIR:

1. de Stellerwäert vun der Lëtzeburger Sprooch ze stäerken

D'Visibilitéit an d'Evolutioun vum Lëtzebuergeschen leie ville Bierger um Häerz a sinn heefeg d'Thema vun Diskussiounen. D'Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht soll konsequent opgeschafft a komplettéiert a staatlech Internetsitten op Lëtzebuergesch iwwersat ginn.

2. d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etude vun der Lëtzeburger Sprooch virunzedreiwen

Et goufe wichteg Pisten opgemaach a fir d'Zukunft definéiert, déi virdru laang Zäit brooch louchen. Dës hu keng Auswierkungen op den Alldag vum Bierger, mee fir d'Entwécklung vun der Sprooch ass de Statut op nationalem an op europäesche Plang wichteg. Lëtzebuergesch soll an d'Konstitutioun stoe kommen an och op europäeschem Niveau als Sprooch unerkannt sinn.

Den Educationsministère huet eng grouss Schreifcampagne organiséiert, wou d'Promotioun vun der Lëtzeburger Orthographie am Fokus steet. Nieft Visuellen, déi op Zitater aus Literatur, Musek a Film opgebaut hunn, gouf en neien Internetsite op www.schreiwien.lu an d'Liéwe geruff, deem déi wichtegst Reegelen vun eiser Rechtschreiwung erkläert. Donieft konnten all d'Biergerinnen a Bierger sech dës Reegelen als Brochure gratis heemschëcke loossen.

Déi konsequent Norméierung vun Orthographie a Grammaire soll och an Zukunft nach virugefouert an den interesséierte Bierger nobruecht ginn.

D'Lëtzeburger Sprooch brauch en Dictionnaire, op der Basis vum aktuelle Lëtzeburger Online Dictionnaire (LOD), dee kontinuierlech komplettéiert an aktualiséiert gëtt. Dozou gehéieren d'Méiglechkeeten vun enger effikasser Recherche. An och spezialiséiert Dictionnaire si wichteg, esou wéi deen op med.lod.lu fir de medezinesche Beräich, an deem et ëm Bobboen, Krankheeten, Behandlungen a Fleeg geet.

De Conseil permanent de la langue luxembourgeoise CPLL ass de Rechtschreifrot vum Lëtzebuergesch, deem eng wichteg Berodungsfunktioun fir d'Regierung huet.

D'Zesummenaarbecht mat der Universitët an de kulturellen Instituter garantéiert, datt iwwer d'Lëtzebuergesch gefuerscht gëtt an datt d'Archivéierung vun den Dokumenter a vum Sproochgebrauch séchergestallt ass. Dernoft gëtt och mat auslänneschen Universitëten zesumme geschafft.

3. d'Léiere vun der Lëtzeburger Sprooch a Kultur ze fërderen

Op ënnerschiddlechen Niveaue goufen an der Education Mesurë geholl, fir d'Lëtzebuergeschléieren z'ënnerstëtzen. Dat ass nach laang net ofgeschloss a gëtt virun ausgebaut.

Am Beräich vun der Erwuessenebildung ass d'Demande fir Lëtzebuergeschcoursë reegelrecht explodéiert; eleng an de Coursen am Institut national des langues an an deenen, déi mat der Formation des adultes zesummen ugebuede sinn, schreiwe sech pro Joer 7.000 bis 8.000 erwuessen Apprenanten an. Fir déi erwuesse Schüler entwéckelt den INL speziell Léiermaterial, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze enseignéieren.

Donoift gëtt am am Schoulberäich konsequent d'Lëtzeburger Sprooch bei de Kanner a Jugendleche gefërdert, sief et iwwer:

- e spillerescht Eruntaaschten un d'Sprooch beim klengen Kand (Crèche, Précoce),
- d'Ausschaffe vu Materialie fir Coursen am Lëtzebuergesch an der Grondschoul an an den ënneschte Klasse vum Secondaire,
- d'Offer un Orthographiecoursen am Lycée, vun deenen all Schüler ka profitéieren, wann hien dat wënscht,
- obligatoreschen Coursen am Lëtzebuergesch an extra ausgeschaffte Léiermaterial fir déi Schüler, déi als Jugendlech an d'Land erakommen an déi a sougenannten Insertiounsklasse scolariséiert ginn,
- d'Implementéierung vum Lëtzebuergesch als obligatoreschen Sprooch am Curriculum vun den internationale Schoulen, dëst esouwuel um Niveau vun der Grondschoul ewéi och am Secondaire.

4. d'Lëtzebuergeschsproocheg Kultur ze promouvéieren

Am Beräich vun der Kultur zu Lëtzebuerg gi méi geziilt Projeten a Lëtzeburger Sprooch ënnerstëtzt. Et gëtt nei Präisser fir Kreatiounen a Lëtzeburger Sprooch a fir Verdéngschter ronderëm d'Lëtzeburger Sprooch.



DE STRATEGIEPABEIER VUN DER REGIERUNG

Hei sinn déi 40 Mesuren aus dem Strategiepabeier vun der Regierung kuerz opgelëscht. Méi an den Detail geet d'Dokument „Eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch“ op www.men.public.lu, vun deem et och eng franséisch Iwwersetzung gëtt: „Une stratégie pour promouvoir la langue luxembourgeoise“.

01. En 20-Joresplang fir eng Sproochen- a Kulturpolitik ronderëm d'Lëtzebuergesch
02. E Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch
03. En „Zentrum fir d'Lëtzebuergesch“
04. Verankerung vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Verfassung
05. D'Lëtzebuenger Sprooch op EU-Niveau

I. DE STELLEWÄERT VUN DER LËTZEBUGER SPROOCH STÄERKEN

06. Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht
07. Iwwersetze vu staatlechen Internetsitten op Lëtzebuergesch

II. D'NORMÉIERUNG, DE GEBRAUCH AN D'STUDIUM VUN DER LËTZEBUGER SPROOCH VIRUNDREIWEN

08. LOD-Webportal
09. Norméierung vun Orthographie a Grammaire
10. Helpline fir Froen ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch
11. Online-Portal vun de Fördermoossname fir d'Lëtzebuenger Sprooch
12. Ëffentlechkeetsaarbecht vun der Fuerschung
13. Kooperatioun mat Universitëten am Ausland
14. Etude zu Jugendsprooch a Jugendkommunikatioun

III. D'LÉIERE VUN DER LËTZEBUGER SPROOCH A KULTUR FËRDEREN

15. Lëtzebuergesch an de Betreuungsstrukturen
16. Lëtzebuergesch am Cycle 1
17. Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF)

18. Méisproocheg Léiermaterialien
19. Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Grondschoulen
20. Literaturconcours fir d'Kannerliteratur
21. Ergänzungsmaterial am Beräich vum LaF (Lëtzebuergesch als Friemsprooch)
22. Fërderung vun de Lieskompetenzen
23. Optiounscours „Orthographie“
24. Optiounscours „Lëtzebuergesch Kultur a Literatur“
25. Optiounscours „Kreativt Schreiwen am Lëtzebuergesch“
26. Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Secondaire-Schoulen
27. Erweiterung vun der Offer u Lëtzebuergeschcoursen (LaF an Orthographie) an der Erwuessenebildung
28. Nei Offer u Sproochcoursen (LaF) fir Persounen mat DPI- a BPI-Statut
29. Congé linguistique
30. Sproochekenntnisser am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur
31. Sproochekenntnisser am Gesondheesssecteur
32. Contrat d'accueil et d'intégration
33. Lëtzebuenger Integratiouns- a Sozialkohäsiounscenter (LISKO)
34. Eeler Leit
35. Université de la Grande Région (UniGR)
36. Ëffentlechkeetscampagne fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Orthographie

IV. D'LËTZEBUGERGESSPROOCHEG KULTUR PROMOUVÉIEREN

37. Kulturell Projeten a Lëtzebuenger Sprooch
38. En nationalen Dag vun der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur
39. En nationale Präis fir d'Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch
40. Roll vun de kulturellen Instituter an der Opwäertung vum Lëtzebuergesch als kulturelle Patrimoine

3 GESELLSCHAFTLECH DIMENSION: TNS-ILRES-ËMFRO

D'Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtege, wann net esouguer de wichtigsten identitären Aspekt vun dem Lëtzebuerger Land a senger Bevëlkerung. D'Politik huet de Wëlle gewisen, fir an Zukunft der Lëtzebuerger Sprooch hire Statut, hir Erfuerschung, hiren Ausbau an hiert Léieren ze fërderen.

Nawell ginn et natierlech ferm Diskussiounen ronderëm d'Roll an d'Entwécklung vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft. Vill Leit waren a sinn der Meenung, datt de Strategiepabeier vun der Regierung net komplett ass oder net zu Enn geduecht gouf oder och, datt en ze vill wäit geet.

Déi Diskussiounen si berechtigt an nützlich; déi politesch an déi gesellschaftlech Perspektiv sinn net identesch. Besonnesch en Thema wéi d'Sprooch ka grouss Diskrepanzen tëscht politeschen a gesellschaftlechen Vuen ervirbréngen.

Dofir huet TNS Ilres am Opdrag vum Educationnsministère eng Ëmfro duerchgefouert, déi d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft thematiséiert huet.


Fir d'Aschätzung vun engem breeden, statistesch relevanten Echantillon ze hunn, mat ënnerschiddlechen soziodemographeschen Gruppen, goufen 1.053 Persounen gefrot, vu ganz ënnerschiddlechen Altersgruppen. 60 % hunn uginn, déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze hunn, 40 % haten se net. Mee alleguerten wunnen se zu Lëtzebuerg. D'Resultater vun der Ëmfro weisen zwou grouss Feststellungen:

1. D'Roll vum Lëtzebuergeschen gëtt an der Gesellschaft héich ageschat, woubäi de Wonsch besteet, datt sech och nach weider an esouguer nach méi intensiv fir d'Nationalprooch agesat gëtt.
2. Am Alldag vun den allermeeschte Leit ass Lëtzebuergesch present, mee awer och de Multilinguisme. Et besteet deemno keng Entweder-oder-Situatioun. D'Fërderung vum Lëtzebuergeschen steet iwwerhaapt net am Widdersproch zu der Promotioun vun der Méisproochegkeet. Béides geet zu Lëtzebuerg Hand an Hand.




Fir de Lien zu de (bildungs-)politeschen Initiativen ze maachen an ze kucken, ob dës Promotioun vum Lëtzebuergeschen sënnvoll ass, gouf vun der Ilres no den Akteuren gefrot, déi sech der Meenung vun de gefroten Leit no ëm d'Lëtzebuergesch këmmere sollen. Et ware méi Äntwerte méiglech.

RENFORCEMENT DE LA LANGUE LUXEMBOURGEOISE: LES ACTEURS



N= 1053 / Tous

Question: Qui doit s'occuper du rôle et de l'importance de la langue luxembourgeoise au sein de la société ? Veuillez donner vos réponses dans l'ordre en indiquant qui doit s'en occuper en premier lieu, ensuite en deuxième lieu etc. ? Plusieurs réponses possibles.




Am heefegste gouf d'Schoul genannt; 44 % gesinn d'Schoul esouguer als déi wichtegst Instanz. Dëst confirméiert d'Pertinenz vun den Aktiounen, déi den Educatiounsministère op de Wee bruecht huet, fir d'Lëtzebuergesch systematesch virunzebréngen a verstärkt z'ënnerstëtzen, vun der Fërderung vum klengen Kand bis an d'Erwuessenebildung. Hei treffen also déi vill Mesuren an Efforten, déi am Strategiepabeier am Beräich vun der Educatioun ernimmt goufen, bei de gefrote Leit op Zoustëmmung.

Am zweetheefegsten, mat 74 %, gouf d'Politik genannt, déi Strategie soll konzipéieren an duerchféieren. An direkt hannendrun hunn 69 % d'Roll vun all de Bierger an de Fokus gesat.

Dës Äntwerte ginn de Prozess vun der Promotioun vum Lëtzebuergesch erëm an illustréieren d'Approche, wou eng Regierung („la politique“), ënner der Leedung vun der Educatioun („l'école“) eng mëttel- a laangfristeg Strategie proposéiert, déi an enger zweeter Phas vun de Bierger („les citoyens“) kommentéiert an ergänzt ka ginn.

Dono gouf no den Aktiounen an Initiative vun der Regierung gefrot a wéi dës vun der Gesellschaft opgehol ginn.

ÉVALUATION DES ACTIONS ET INITIATIVES GOUVERNEMENTALES SELON LA NATIONALITÉ ET LES COMPÉTENCES LINGUISTIQUES DES RÉPONDANTS



N= 1053 / Tous


Question: Comment évaluez-vous les actions et les initiatives concernant la langue luxembourgeoise lancées par le gouvernement, comme par exemple la campagne sur l'orthographe [schreiwien.lu](https://www.schreiwien.lu), la promotion de la langue luxembourgeoise dans le domaine des enfants de bas âge ou encore l'élaboration du dictionnaire luxembourgeois en ligne (LOD - Lëtzebuerg Online Dictionnaire) ? Sont-elles ... ? Une seule réponse possible.

D'Auswärtung ergëtt, datt d'Aktiounen vun der Regierung allgemeng op Zoustëmmung stoussen; iwwer dréi Véierel vun de gefrote Leit hunn der Regierung hir Initiative gutt an esouguer ganz gutt bis exzellent bewäert. Just e klengen Prozentsatz vun 10 % begréisst dës Initiativen net. Et gëtt eng grouss Satisfaktioun bei de gefrote Leit iwwer déi Aktiounen fir d'Promotioun vum Lëtzebuergesch.

Interessant ass, datt hei de Beräich vun de Sproochkompetenzen vun de gefrote Leit keng gréisser Roll spillt. Bei anere Froen koun et do zu groussen Ënnerscheeder.

Beim zweeten groussen Block vun der Ëmfro goung et iwwer d'Sproochpraxis am Alldag vun de Bierger. Fir d'éischt ass no de Sproochen gefrot ginn, déi d'Leit kënnen. 98 % vun de Leit hunn uginn, Franséisch kënnen ze schwätzen; 77 bis 80 % hu Kompetenzen am Engleschen, Däitschen an/oder Lëtzebuergesch.

COMPÉTENCES LINGUISTIQUES EN GÉNÉRAL



N= 1053 / Tous


Question: Quelles langues parlez-vous ? Plusieurs réponses possibles.

Déi zwou Schoulsproochen Däitsch a Franséisch gi vun de meeschte Leit beherrscht. Dat ass och esou fir d'Englescht, déi haiteg Lingua franca op der Welt. Quasi op gläicher Héicht ass Lëtzebuergesch, dat vu 77 % vun de Leit geschwat gëtt. Dëst ënnersträicht, datt Lëtzebuergesch net nëmmen déi éischt Sprooch vun de Lëtzeburger ass, mä datt et vu ronn der Hallschent vun den auslännesche Gefrotene als Friemsprooch geléiert ginn ass. Kuckt een déi héich Zuel vun Demanden am Beräich vun de Lëtzebuergeschcoursen bei den Erwuessenen, iwwerrascht dëst Resultat net.

Interessant ass och, datt bei dësem am Ganzen net esou groussen Echantillon déi gefrot Leit net manner ewéi 19 verschidde Sproochen geschwat hunn. Dëst weist, wat fir e Melting Pot un Nationalitéiten a Sproochen zu Lëtzebuerg existéiert.

Net nëmmen d'Sproochenvielfalt vun der Populatioun huet sech bei der Ëmfro gewisen, mee och den eenzelne Leit hir Méisproochegkeet. 72 % beherrschen déi dräi Landessproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dréi Véierel vun de gefrotene Leit schwätze véier Sproochen oder méi!

COMPÉTENCES LINGUISTIQUES LE MULTILINGUISME DU LUXEMBOURG



N= 1053 / Tous


Question: Quelles langues parlez-vous ? Plusieurs réponses possibles.

Et gëtt zu Lëtzebuerg eng aussergewöhnlech grouss Zuel vu Leit, déi méi wéi eng Sprooch beherrschen a benotzen, fir sech an hirem Alldag auszudrécken.


Bestëmmte soziodemographesch Facteuren, wéi z. B. d'Nationalitéit oder den Alter, liwweren doriwwer méi detailléiert Informatiounen. Bei der Fro no de Sproochekompetenzen ass d'Andeelung nom Alter eng wichteg Variabel, fir d'Verdeelung vun där Kompetenz an der Populatioun besser ze verstoen.

COMPÉTENCES LINGUISTIQUES SELON L'ÂGE DES RÉPONDANTS

• le luxembourgeois



• le trilinguisme officiel




N= 1053 / Tous

Question: Quelles langues parlez-vous ? Plusieurs réponses possibles.

Bei der Andeelung nom Alter gëtt däitlech, dass besonnesch déi Jonk, déi am schouleschen Alter sinn (16-24 Joer) oder e bësse méi al (25-34 Joer), erausstiechen, esouwuel beim Beherrsche vum Lëtzebuergesch, wéi och beim Kënne vun den dräi Landessproochen. Hei läit et op der Hand, dass et dem lëtzebuergesch Educationssystem säi Merite ass, dass Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch agefouert gëtt an der fréier Fërderung vum Kand, an dass Däitsch a Franséisch zolidd geléiert ginn. D'Schülerinnen an d'Schüler sinn op d'mannst dräisproocheg, woubäi meeschtens nach Englesch a fir verschidde Schüler nach aner Sproochen derbäikommen, sief et, dass se déi doheem schwätzen oder se déi als véiert Friemssprooch oder als Optionssfach an der Schoul léieren.

HABITUDES LINGUISTIQUES LE LUXEMBOURGEOIS VIE PRIVÉE ÉCRIT ET ORAL



N= 1053 / Tous
Question: Quelle(s) est/sont parmi les langues suivantes celle(s) que vous parlez généralement au quotidien ? Veuillez commencer par la langue que vous utilisez le plus souvent, passez ensuite à la deuxième etc. Dans vos réponses, veuillez faire la différence entre l'oral et l'écrit, c. à d, entre les langues que vous parlez au quotidien et celle que vous utilisez pour écrire. Dans votre vie privée - écrit ? Plusieurs réponses possibles.

An der Fuerschung gëtt zanter ville Jore beschriwwen, dass et sech beim Lëtzebuergesch, historesch gesinn, ëm eng Ausbausprooch handelt, déi nach net komplett an allen Domäne vun der Gesellschaft agesat gëtt an nach net ausgeräift ass. Laang ass Lëtzebuergesch primär als geschwate Sprooch ugesi ginn, heefeg als ganz reduzéiert op de private Gebrauch. An der Schrëftlechkeet géif se manner agesat. Dat huet sech awer bei där heiten Ëmfro net bestätegt.


D'Fro un d'Leit war, wéi si Lëtzebuergesch an hirem Alldag asetzen. Dobäi koumen interessant an esouguer iwwerraschend Resultater eraus. Ëmmerhin dréi Véierel schwätze Lëtzebuergesch an hirem Privatlewen. A 65% benotze Lëtzebuergesch am Alldag fir ze schreiwen!

Bei der Altersopdeelung gëtt däitlech, dass et déi jénger Generatiounen sinn, déi d'Lëtzebuergesch am heefegste beim Schreiwen asetzen. Hei suergen den Afloss vun der Schoul an déi technologesch Schrëftformen ewéi SMS a Social Media dofir, dass zu engem groussen Deel op Lëtzebuergesch kommunizéiert gëtt. Dass Lëtzebuergesch eng wéineg geschriwwen Sprooch wier, ass eng Feststellung, déi an d'Vergaangenheet gehéiert.



Lëtzebuergesch huet sech als Schrëftsprouch virunentwéckelt an der Gesellschaft. Dat gëtt och ënnerstrach bei den Äntwerten op d'Fro nom Asaz vun der Sprooch am berufleche Kontext.

HABITUDES LINGUISTIQUES LE LUXEMBOURGEOIS AU TRAVAIL, CONTACTS PROFESSIONNELS ÉCRIT ET ORAL




N= 1053 / Tous
 Question: Quelle(s) est/sont parmi les langues suivantes celle(s) que vous parlez généralement au quotidien ? Veuillez commencer par la langue que vous utilisez le plus souvent, passez ensuite à la deuxième etc. Dans vos réponses, veuillez faire la différence entre l'oral et l'écrit, c. à d, entre les langues que vous parlez au quotidien et celle que vous utilisez pour écrire. Au travail, dans vos contacts professionnels - écrit ? Plusieurs réponses possibles.

Lëtzebuergesch als geschwate Sprooch gëtt am Beruff vu 70 % vun de gefrote Leit gebraucht. D'Hallschent vun de Leit gebraucht Lëtzebuergesch do och am Schrëftlechen. Hei gesäit een déi grouss Entwécklung, déi d'Schreiwe vum Lëtzebuergesche rezent gemaach huet, an de gesellschaftleche Status, deem d'Sprooch doduerch méi a méi kritt. Virun 20 Joer wär et nach ondenkbar gewiescht, datt Lëtzebuergesch berufflech, esouwuel am Mëndlechen ewéi och am Schrëftlechen, méi benotzt gi wier wéi dat Däitscht an dat Englescht. Et ass allerdéngs esou,

datt hei 60 % vun de gefrote Leit Lëtzebuenger oder op d'mannst lëtzebuergeschsproocheg waren. Bei der Gesamtzuel vu Salariéen hei am Land, mat de Frontalieren derbäi, ass d'Situatioun eng aner. D'Äntwerten op déi heite Fro ënnersträichen déi dominant Roll vum Franséischen um Aarbechtsmaart. 84 % vun de Gefrote benotzen an hirem Beruff Franséisch am Mëndlechen ewéi och am Schrëftlechen. Lëtzebuergesch spillt eng wichteg Roll am Alldag, mee grad esou déi méisproocheg Sproochkompetenze vun de gefrote Leit.

Mat der nächster Fro gouf ënnersicht, wéi d'Méisproochegkeet a Lëtzebuerg gelieft gëtt, wéi d'Leit dës méisproocheg Situatioun erliewen a meeschteren.

MAÎTRISE DU TRILINGUISME OFFICIEL AU QUOTIDIEN SELON LES COMPÉTENCES LINGUISTIQUES DES RÉPONDANTS




N= 1053 / Tous
 Question: Au Luxembourg, les 3 langues officielles, à savoir le luxembourgeois, l'allemand et le français, sont inscrites dans la loi, ce qui veut dire que le Luxembourg est un pays trilingue. Dans la vie quotidienne, nous changeons de langue en fonction des situations qui se présentent. Êtes-vous en mesure de maîtriser ce multilinguisme vécu entre le luxembourgeois, l'allemand et le français ou cela vous pose-t-il des problèmes au quotidien ? Pour moi, cette répartition des langues s'avère... – Une seule réponse possible.

Bal dréi Véierel vun de gefrote Leit hunn uginn, datt d'Méisproochegkeet hei am Land hinne guer keng oder quasi keng Problemer mécht. Dat ass natierlech speziell wouer bei deene Leit, déi déi dräi Landessprooch beherrschen.

Déi Leit, déi kee Lëtzebuergesch beherrschen, hu Problemer am Alldag. Iwwer d'Hallschent vun hinne fannen d'Situatioun an iergendenger Form komplizéiert. Dat war opgrond vun de beschriwwene Resultater iwwer déi wichteg Roll vum Lëtzebuergesch z'erwaarden. An dëst ënnersträicht nach eng Kéier déi wichteg Roll vum Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch. Et ënnersträicht och, wéi wichteg et ass, deene Leit nach méi Offere fir Sproochkursen ze maachen.

An der Ëmfro gouf och allgemeng no der Aschätzung vun der Lëtzebuergesch-Debat gefrot. Wéi ass de Status vun der Sprooch? Ass déi Diskussioun gerechtfäerdigt oder éischter net?

RAISON D'ÊTRE DE LA DISCUSSION SUR LE LUXEMBOURGEOIS SELON LES COMPÉTENCES LINGUISTIQUES DES RÉPONDANTS




■ TOUT À FAIT JUSTIFIÉE
 ■ JUSTIFIÉE ET BONNE
 ■ PLUTÔT JUSTIFIÉE
■ PLUTÔT INUTILE
 ■ TOTALEMENT EXAGÉRÉE
 ■ NE PEUT PAS JUGER

N= 1053 / Tous
 Question: A votre avis, la discussion sur la langue luxembourgeoise est-elle justifiée ou plutôt pas justifiée ?
 Je trouve que la discussion sur la langue luxembourgeoise est... – Une seule réponse possible.

De Groussdeel vun de gefrote Leit fannen de ganzen Dossier ronderëm d'Lëtzebuergesch wichteg, woubäi et hei zolidd Ënnerscheeder gëtt tëscht de Lëtzeburger, d. h. deenen, déi Lëtzebuergesch schwätzen, an deenen aneren, also deenen, déi net Lëtzebuergesch schwätzen. Iwwer 80 % vun de gefrote Lëtzeburger fannen déi Diskussioun wichteg a sënnavoll. Och bei den Net-Lëtzeburger sinn zwee Drëttel där Meenung, mee hei hunn awer 30 % d'Gefill, datt d'Diskussioun manner wichteg fir si ass. Och bei der nächster Fro koum et zu Ënnerscheeder tëscht deenen zwou Gruppen.

RENFORCEMENT DE LA LANGUE LUXEMBOURGEOISE: UNE NÉCESSITÉ ?




N= 1053 / Tous
 Question: La langue luxembourgeoise doit-elle être renforcée dans la vie quotidienne ?
 Une seule réponse possible.

Eng grouss Majoritéit vun de Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, fannen, datt d'Sprooch am Alldag soll gestärkt ginn. Anescht ass d'Bild bei deenen, déi kee Lëtzebuergesch beherrschen, wou d'Meenunge gedeelt sinn (52 % Jo vs. 48 % Nee). Interessant an dësem Kontext ass den Zesammenhang tëscht der gelieferter Méisproochegkeet, déi fir e groussen Deel vun de Leit keng Schwieregkeeten am Alldag duerstellt, an dem Wonsch, datt d'Roll an de Status vum Lëtzebuergesch am Alldag klamme soll.

Vum effektive Gebrauch vun enger Sprooch hänkt och of, wéi een d'Wichtigkeet vum Gebrauch vun där Sprooch aschätzt. Dat beweist déi nächst Fro, wou no der Aschätzung vum Lëtzebuergesche gefrot gouf: Ass et eng virrangeg geschwate Sprooch oder ass et eng Sprooch, déi souwuel geschwat wéi och geschriwwen gëtt?

QUE REPRÉSENTE POUR VOUS LA LANGUE LUXEMBOURGEOISE ?




N= 1053 / Tous

Question: Est-ce que pour vous personnellement, le luxembourgeois est...
Une seule réponse possible.

Hei gëtt et zwou Opfälligkeiten: Zum engen d'Diskrepanz bei den Äntwerten tëscht deene Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, an deenen, déi et net schwätzen. Zweek Drëttel vun de Lëtzebuergeschspriecher fannen, datt Lëtzebuergesch och eng geschriwwen Sprooch ass, een Drëttel deelt déi Meenung net. Bei de Leit, déi net Lëtzebuergesch schwätzen, ass et genee ëmgekéiert. Zum aneren sote bei der Fro no den aldeegleche Kommunikatiounsgewunnechten am Ganze 65 % vun de Gefroten, Lëtzebuurger ewéi Net-Lëtzebuurger, datt se am Alldag Lëtzebuergesch am Schrëftlechen asetzen. Et gëtt also eng Partie Leit, déi Lëtzebuergesch am Schreiwe benotzen, awer net onbedéngt der Meenung sinn, datt Lëtzebuergesch prinzipiell eng geschriwwen Sprooch ass.

Et gouf no der Integratiounssprooch gefrot, well heiriwwer an eisem multilinguale Kontext an der grousser Heterogenitéit vun Nationalitéiten ënnerschiddlech Meenungen ze erwaarden sinn.

QUELLE LANGUE DEVRAIT ÊTRE LA LANGUE D'INTÉGRATION UTILISÉE AU LUXEMBOURG ?



N= 1053 / Tous

Question: A votre avis, quelle langue devrait être la langue d'intégration utilisée au Luxembourg ? Et quelle est la langue que vous voyez en deuxième position comme langue d'intégration ? Une seule réponse possible.

Iwwer d'Hallschent vun de Leit sinn der Meenung, datt Lëtzebuergesch déi Roll vun der Integratiounssprooch misst iwwerhuelen. Dat ënnerstëtzt nach eng Kéier d'Beméiungen am edukative Beräich, fir verstärkt Lëtzebuergesch an de Schoulcurriculum anzubannen. Nëmmen hallf esou vill, also en Drëttel vun de gefroten Leit, schwätzen sech dofir aus, datt Franséisch als Integratiounssprooch soll benotzt ginn.

CONCLUSIOUNE VUN DER ILRES-ËMFRO

D'Ëmfro huet aus dréi gréisser Volete bestanen, mat Froen iwwer:

- déi concernéiert Akteuren am Beräich vun der Promotioun vum Lëtzebuergeschen a vun den Initiativen, déi dofir geholl gi sinn. Dobäi ass déi speziell Wichtigkeet vun der Roll vun der Schoul bestätegt ginn;
- de geliefte Alldag zu Lëtzebuerg, wou d'Roll vum Lëtzebuergeschen awer gläichzäiteg och d'Wichtigkeet vun der Méisproochegkeet nogewise gi sinn,
- de Status, dee Lëtzebuergesch an der Gesellschaft spillt a spille soll, an deem der Meenung vun de Gefroten no sollt verstärkt ginn.

D'Analys vun den Äntwerten op dës Froen am Kontext vun deene verschiddene gesellschaftlechen Dimensiounen sollt dobäi hëllefen, fir allgemeng d'Plaz, d'Roll an d'Wichtigkeet vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft besser ze verstoen an erauszefannen, ob d'Regierung déi richteg Moosnamen ergraff huet a wat an Zukunft nach misst verbessert ginn. De proposéierte Strategiepabeier vun der Regierung konnt also mat Hëllef vun dëser grousser Sproochen-Ëmfro vun der Ilres situéiert ginn.

Den drëtten Pilier vun der Demarche vun der Regierung bestoung doranner, op de Sproocherinnen am Land déi ganz konkret Mathëllef bei den interesséierte Bierger ze froen, fir Problemer ze identifizéieren, déi net beduecht goufen, a fir gutt Iddien ze sammelen.



4 BIERGERLECH DIMENSION: SPROUCHERONNEN

Diskussiounen a Gedanken iwwer d'Sprooch, virun allem am Lëtzebuergeschen, sinn heefeg enk gekoppelt un d'Identitéit, also d'Bild, dat jiddweree vu sech selwer an deene ronderëm sech huet, vun der Gesellschaft, an där hie leeft.

D'Mammesprooch ass am Normalfall déi éischt Sprooch, déi een doheem léiert, och wann et haut net méi ongewéinlech ass, datt méi wéi eng Sprooch doheem geschwat gëtt. Lëtzebuergesch als Mammesprooch ass dat Kommunikationsmittel, dat déi meeschte Lëtzebuerger am längste beherrschen a mat deem si am natierlechtesten an am einfachste kommunizéieren.

Jiddwer Spriecher an a Spriecher ass en Expert a senger Sprooch, am Beräich vun der aldeeglecher Kommunikatioun, och wann dat net automatesch heescht, wéi mir Lëtzebuerger gutt wëssen, datt een d'Sprooch domadder och am Schrëftleche beherrscht.

All d'Statistiken, d'Moosnamen an d'Prozesser weisen de sproochlechen Ausbau vum Lëtzebuergeschen. D'Entwécklung vum Lëtzebuergesche geet dynamesch virun, grad och d'Etabléierung als Schrëftsprooch. Mee déi Entwécklung an den ëmmer méi staarke Stellewaert vum Lëtzebuergesche kann och beonrouegen.

Aus dësem Grond goufen an der drëtter Phas vun der Campagne vum Educatiouns- a Kulturministère sougenannte Sproocherinnen organiséiert. Déi Sproocherinnen hunn de Konzept vun engem partizipativ ausgeluechte Prozess ëmgeseet a sollten den interesséierte Bierger et erlaben, sech auszedecken. Sou haten all d'Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet, sech aktiv an de Prozess vun der Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch anzubringen. Grad dann, wa vill verschidde Meenungen existéieren an openeentreffen, si jo d'Diskussiounen doriwwer an d'Ausernanersetzungen ëm déi verschidde Point-de-vue wichteg.


D'Sproocherinnen hunn en zousätzlechen Aspekt an déi Diskussiounen erabruucht, no der politescher Positioun, déi sech duerch der Regierung hire Strategiepabeier ausgedréckt huet, an no der Analys vun der gesellschaftlecher Meenung, déi vun der Ilres-Ëmfro realiséiert ginn ass. Grouss ugeluechten Ëmfroe si statistesch relevant a ginn en allgemengt Stëmmungsbild erëm. Mee esou eng allgemeng Meenung dréit net ëmmer der Diversitéit vun der reeller

Situatioun um Terrain Rechnung. D'Biergerronne sollten e Schrëtt méi wäit goen an all den Awunner, Lëtzebuerger wéi Net-Lëtzebuerger, e Sproochrouer ginn, wa si Interessi un där Sproochendiskussioun haten.

D'Bierger konnten op zweeërlee Aart a Weis un de Sproocheronnen deelhuefen: Tëschent dem 27. Februar an dem 20. Mäerz 2018 goufen op véier Plazen am Land Biergerforen organiséiert, an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch-Uzelzecht, zu Munneref an zu Dikrech. Op dese véier Sproocheronnen haten d'Bierger d'Wuert a konnten hiert Uleies matdeelen. D'Diskussioun goufe strukturéiert no Themeberäicher ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch: Educatioun, Kommunikatioun am Alldag, d'Roll an der Wëssenschaft.

Während der ganzer Dauer vun der Campagne konnten d'Bierger awer och am Online-Forum www.sproocheronn.lu aktiv ginn a sech mat anere Bierger austauschen. D'Leit konnte sech an déi verschidde Foren eraklicken, sech alles ukucken, hir Meenunge schreiwen, op aner Commentairë reagéieren a Propose liken.

D'Soiréeë waren esou opgedeelt, datt noeneen dräi méi global Themen am Beräich vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft mat jeeweils engem Expert diskutéiert goufen.



DAT ÉISCHT THEMA WAR: (MAT) LËTZEBUERGESCH LÉIEREN

Bei dësem Thema konnt diskutéiert ginn, wéi Lëtzebuergesch an der Crèche, an der Grondschoul, am Lycée an an der Erwuessenebildung geléiert a gefërdert soll ginn. D'Participantë konnten Inhalter an Theme proposéieren, déi an de Schoule behandelt solle ginn. Si konnte Virschléi maachen, wéi d'Léiere vum Lëtzebuergesche fir auslännesch Kanner a Jugendlecher ka verbessert ginn.



DAT ZWEET THEMA WAR: (MAT) LËTZEBUERGESCH SCHAFFEN

Hei konnt een diskutéieren, wéi Lëtzebuergesch am professionellen an ëffentleche Kader soll thematiséiert an ausgeschafft ginn. Dat betrëfft zum Beispill d'Fro, wéi een d'Sprooch a wëssenschaftleche Kontexter kann erfuerschen, mee och d'Reeglung vun der Schreifweis oder d'Fro, wéi Lëtzebuergesch an der Ëffentlechkeet ka visibel an accessibel gemaach ginn.




DAT DRËTT THEMA WAR: (MAT) LËTZEBUERGESCH LIEWEN

An dësem Beräich gouf diskutéiert, wéi d'Lëtzebuerger Sprooch am méisproochegen Alldag soll agesat ginn a wou Kommunikatiounsproblemer virleien. Hei war den alleegeleche Gebrauch vum Lëtzebuergesche vun Interessi, awer och de kulturellen Aspekt vun der Sprooch. Meenungen an Erfarunge vun allen Alterskategorië goufe gelauschert, fir méiglech vill Perspektiven ze sammelen.

D'Biergerronne goufen allkéiers illustratoresch zesummegefaasst, fir en allgemenge Fazit vun de Soiréeë kënnen ze zéien.


GESELLSCHAFT

27.02.2018



ESCH UELZECHT
08.03.2018


L'ÉTAT-BUERGESH an der GESELLSCHAFT



LÉTZEBUGESCH *an der* GESELLSCHAFT



LËTZEBUERGESH *an der* GESELLSCHAFT





Beim éischten Thema, wou et ëm d'Education goug, gouf op de véier Owender heiriwwer diskutéiert:

Am Beräich vun der Föderung vum klengen Kand gëtt jo nach méi verstärkt op d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch gesat, mat en plus engem spillereschen Zougank zum Franséischen. Hei gëtt gefaart, datt net genuch Lëtzebuergesch an de Crèche geschwat gëtt. Et soll kontrolléiert ginn, datt och wierklech an all Crèche Lëtzebuergesch op engem gudden Niveau geschwat gëtt.

Am Beräich vun der Grondschoul soll de Programm respektéiert an och wierklech Lëtzebuergesch geléiert ginn. Verschidde Leit hu gefrot, datt d'Schüler schonn an der Grondschoul richteg schreiwe léieren. D'Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch an eng méi fréi Eruféierung un d'Schrëftsprooch ass dacks ugeschwat ginn.

Et gouf och de Wonsch ausgedréckt, méi didaktescht Material auszeschaffen, virun allem fir de Cycle 2, wou et effektiv dorunner feelt.

Besonnenesch de Spagat tëscht engersäits Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch fir d'Kanner, déi d'Sprooch nach net beherrschen, an anersäits Lëtzebuergesch am Reegelunterricht, fir déi Kanner, déi gutt Lëtzebuergesch schwätzen, gëtt an den Diskussiounen als schwierig ëmfonnt an d'Suerg ausgedréckt, datt béides mateneen net funktionéiert. Hei misst e gutt Gläichgewicht fonnt ginn, virun allem iwwer de Wee vu méi didakteschem Material. Esou waren sech d'Participanten vun de Sproocherinnen eens, datt nieft dem besteende Liesmaterial nach weider Outil kéinten ausgeschafft ginn, déi méi en diversifizierte Bléck op d'Lëtzebuergersprooch, Literatur a Kultur kéinte bidden.

Am wichtegste bleiwen der allgemenger Meenung no d'Schwätz- an d'Lieskompetenzen, och wann en éischte spillereschen Abléck an de Beräich vum Schreiwen erwünscht ass. D'Leit waren sech awer eens, datt d'Rechtschreiwung vum Lëtzebuergesch an der Grondschoul kee Promotiounsfach sollt ginn, woumadder d'Kanner kéinten op Problemer stoussen, fir an der Schoul virunzekommen. Mee se sollte fréi dofir sensibiliséiert sinn, fir dann dës Kompetenzen zu engem spéideren Zäitraum auszubauen an ze schäerfen.

Dat selwecht Thema gouf och prioritär am Beräich vum

Lycée thematiséiert. Gouf bei der Grondschoul d'Lieser nach als am wichtegsten empfongen, wollten d'Leit awer am Beräich vum Enseignement secondaire, datt allgemeng d'Orthographie, d'Grammaire an och d'Literatur geléiert ginn, an dat net just op der 7^{er} classique oder an enger Optioun, mä op alle Klassen iwwer e puer Joer. Et ass mat Nodrock gefrot ginn, datt d'Lëtzebuergesch méi Plaz an eng méi wichteg Roll kritt, wéi dat bis elo am nationale Schoulcurriculum de Fall ass. Et gouf och vill diskutéiert, ob déi aktuell Stonn op der 7^{er} déi richteg Plaz wär fir de Lëtzebuergeschunterricht. Als ideal gëtt ugesinn, wann e Lëtzebuergeschkurs ewéi bei den anere Sproochen reegelméisseg am Stonneplang vertruede wär, an dat iwwer méi Schouljoren.

E weidere Punkt vum Themefeld „Lëtzebuergesch an der Education“ war de Beräich vun der Erweessenebildung. Et gouf net esou vill iwwer d'Offer vum Institut national des langues diskutéiert, mee vill méi iwwer d'Offeren uechter d'Land. Et sollte méi Coursen ugebueden an och eng besser Qualitéitskontroll beim Personal duerchgefuert ginn.

Chargéen, déi Lëtzebuergesch an de Gemengen enseignéieren, hu Schwierigkeiten domadder, datt hir Schüler esou ënnerschiddlech Niveauen am Lëtzebuergesch hunn. Dacks gi Leit mat verschiddenen Niveauen an enger Klass regroupéiert, wat d'Hale vun engem kohärenten, op een Niveau ugepasste Cours quasi net méiglech mécht.

Et ass och net iwwerall garantéiert, datt anstänneg Kllassesäll mat guddem Material fir déi Coursen do sinn.

Nieft dem Volet vun den organiséierte Sproochkursen gouf och iwwer Méiglechkeete geschwat, fir baussent dem Kllassesäll Lëtzebuergesch ze schwätzen. D'Ausländer solle méi d'Méiglechkeet kréien, Lëtzebuergesch ze schwätzen, andeems Gesprächsowender, Tables de conversation oder Sproochcafées organiséiert ginn. Zousätzlech sollen Appen entwéckelt ginn, déi d'Léiere vun der Sprooch vereinfachen.





Dat zweet Thema war „(Mat) Lëtzebuergesch schaffen“. Déi Aussoen, déi op de véier Owender ëmmer erëmkoumen, sinn déi heiten: Et gouf vill iwwer de Beräich vu Sproochwandel a -kontakt debattéiert. Et gëtt sech d'Fro gestallt, awéiwäit Verännerungen an enger Sprooch stéieren oder esouguer eng Gefor fir d'Sproochsubstanz duerstellen. Dee Sproochwandel, deen d'Lëtzebuergesch verännert, gëtt dacks als negativ empfonnt. Vill Participanten hunn de Wonsch geäussert, datt al Wierder a lëtzebuergesch Eegenheeten dokumentéiert a geschützt ginn, esou datt se mam Sproochwandel net verschwannen. Hei gouf op déi jonk Generatioun verwisen, déi vill däitsch, franséisch an englesch Ausdréck benotzen, an datt doduerch déi lëtzebuergesch Ausdréck verschwannen.

Och gouf d'Verswanne vun de lokalen Dialekter bedauert, déi no an no duerch en eenheetlecht Lëtzebuergesch ersat ginn, esouwuel wat de Vocabulaire ugeet wéi och d'Aussprooch. Et gëtt en Optrag verlaangt, zum Beispill un d'Universitéit, fir déi Dokumentatioun vum Wuertschatz a vun der sproochlecher Villfalt vum Lëtzebuergesch sécherzestellen. An deem Kontext gouf de Wonsch un d'Fuerschung geäussert, fir méi Materialien (z. B. e gesamtletzebuergesch Wuertschatz) auszeschaffen, Fuerschungseresultater méi zougänglech ze maachen a méi Sproochoutillen auszeschaffen (z. B. eng automatesch Sproocherkennung).

En anert Thema, dat ville Leit um Häerz läit, ass d'Visibilitéit vum Lëtzebuergesch. Dobäi ginn déi ëffentlech Beschëlderungen an och d'Flouernimm viséiert, den Asaz vum Lëtzebuergesch an de Medien. Heefeg gouf festgestallt, datt een op Tëlee a Radio kee „gutt a richtig“ Lëtzebuergesch héiert. Doduerch kréichen d'Nolauschterer dann e schlecht Virbild. Ausserdeem gouf bedauert, datt et net méi Sendungen iwwer d'Lëtzebuurger Sprooch ginn. Natierlech goung et och iwwer d'Norméierung vum Lëtzebuergesch. Bei der Schrëftsprooch huet allgemeng Konsens bei de Leit bestanen, datt zu Recht vill Wäert op d'Orthographie geluecht gëtt, och wann d'Reegelwierk de Leit deels ze komplex erschéngt. Bei der Norméierung gouf sech awer virun allem op de mëndlechen Aspekt bezunn; et gouf nach eng Kéier ënnerstrach, datt allgemeng net genuch Wäert op e „gutt a richtig“ Lëtzebuergesch geluecht gëtt. Hei war et de Wonsch, datt an der Schoul d'Léierpersonal nach méi Wäert op eng richtig Aussprooch an de korrekte Vocabulaire leeë soll.



Als drëtt an ofschléissend Thema gouf iwwer „(Mat) Lëtzebuergesch liewen“ diskutéiert. Dëst Thema war bewusst zimlech breet formuléiert, fir de Participanten d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer subjektiv Phänomener ze schwätzen, déi hinne perséinlech um Häerz leien.

Eng grouss Suerg war d'Lëtzebuergesch am ëffentleche Liewen, an den Administratiounen a bei sozialen a medezinesche Servicer. Zweek Beräicher goufe virun allem ernimmt: d'Justiz an ëmmer erëm de Sektor vun der Gesondheet a vun der Fleeg. Fir d'Bierger sinn dëst immens wichteg Beräicher, wou si eng kloer a verständlech Kommunikatioun brauchen. De Gesondheets- an de Fleegesector bräichte kloer Sproochreegelen, déi d'Kommunikatioun mat de Patiente méiglech maachen. All Persoun, déi an deem Secteur schafft an am direkte Kontakt mat Patiente steet, misst e Minimum vu Basisvocabulaire am Lëtzebuergesch beherrschen, fir dëse Beruff dierfen auszeüben. Déi eng hu 50 Wierder Basiswuertschatz gefrot, déi aner 500. De Konsens war grouss, datt hei Lëtzebuergesch méi eng wichteg Roll muss spillen, an datt d'Regierung an deem Beräich muss Initiativen ergräifen.

Aus dëser Diskussioun eraus koum et zu der Feststellung, datt am Fong fir all Berufsfeld, dat mat direkter Kommunikatioun ze dinn huet, eng Sproochbroschüre misst geschafe ginn, mam spezifesch Basiswuertschatz an de gebräichleche Sproochen an natierlech och dem Lëtzebuergesch.

Et gouf méi allgemeng iwwer d'Sproochpraxis debattéiert. D'Participanten waren sech esou wäit eens, datt Sproochcoursen eng wichteg Moossnam sinn, fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren. Zugläch gouf awer monéiert, datt Leit, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, dëst net baussent hire Coursë kënnen maachen. Et gouf grad vun Auslänner, déi Lëtzebuergesch geléiert hunn oder léieren, bedauert, datt d'Lëtzebuurger automatesch an eng Friemsprooch (am Normalfall Franséisch) wiesselen, esoubal



se mat enger Persoun schwätzen, déi net fléissend Lëtzebuergesch schwätzen. Heiduerch kréien d'Leit, déi d'Sprooch wëlle léieren, net d'Méiglechkeet, fir Lëtzebuergesch an de reelle Situatiounen, baussent dem Kllassesall, ze praktizéieren. Dofir gouf fir eng Sensibiliséierung plädéiert, datt een net direkt soll vu Lëtzebuergesch an eng aner Sprooch wiesselen.

Och hei goufen déi Initiativen ugeschwat, déi organiséiert ginn an déi een ausbaue kéint, fir de Leit beim Léiere vun der Sprooch ze hëllefen. Níeft engem verbesserte Sproochecongé an de Sproochecaféen, Gespréichsowender an och den Appen, gouf no enger nationaler Online-Plattform gefrot, wou een sech kéint als Gesprächspartner registréieren. Dat wier eng Struktur, déi d'Leit, déi d'Sprooch léiere wëllen, a Kontakt bréngt mat Lëtzebuerger, déi hinne dobäi wëllen hëllefen. Dëst gouf op de véier Owender proposéiert an der Regierung mat op de Wee ginn.

An d'Visibilitéit vum Lëtzebuergesch ass e grouss Wonsch. D'Gemengen- an déi staatlech Servicer sollen hir Internetpräsenz och op Lëtzebuergesch hunn. Dëst war en Uleies vu ville Participanten.



Níeft de véier Biergerronne ward déi ganzen Zäitiwwer op www.sproocheronn.lu e Forum geschalt, wou ee Propose konnt eraginn. Dës Propose sinn online bewäert ginn. Hei drénner stinn déi 15 Proposen, déi am beschten ukomm sinn. Natierlech gesäit een Iwwerschneidungen tëscht de Biergerronnen an der Online-Plattform.

DÉI HEEFEGST GELIKTE PROPOSEN:

Administratioune
musse méi op
Lëtzebuergesch
kommunizéieren.

D'Uertschaftsschëlter
sinn op Lëtzebuergesch,
déi däitsch a franséisch
Bezeechnung steet a méi
klenger Schrëft drénner.

Fir eng Optioun
„Lëtzebuerger
Kultur“ an de
Lycéeën.

Datt een hei am Land liewen a
schaffe kann, mat Däitsch oder
Englesch, ouni zwéngend Franséisch
mussen ze kënnen. All Formulairë
vun den Administratioune sollen och
op Lëtzebuergesch oder Däitsch zur
Verfügung gestallt ginn, déi wichtegst
och op Englesch. Sou kéinten
d'Ausländer sech éischer op déi
Lëtzebuerger Sprooch
konzentréieren.



Méi Kannerbicher
op Lëtzebuergesch

When a foreigner speaks to a
Luxembourger in Luxembourgish,
then the Luxembourger should
answer back in Luxembourgish and
not switch to the foreigners native
language just because they can. This
encourages foreigners to keep trying
to speak the language
and improve.

1 heure obligatoire de
Luxembourgeois par semaine
dans toutes les écoles (Ecole
européenne, St Georges, ISL,
etc...) au Luxembourg dès
la primaire.

Luxembourgish should be one
of the national languages,
however should not be forced
and should not be a requirement
for the nationality being one of
the National languages.

A more interesting range of
television programmes in
Luxembourgish could help people
make the language part of their
daily lives.

If the country wishes to develop and
further promote Luxembourgish as
national language – it shall be done
more consistently. As an easy example,
Luxembourgish courses in INL are
overbooked and require half-year in
advance inscription during first hours(!)
after online opening. If the intention
is to promote – make it easier to
participate, make more groups to
meet the demand.

D'Bréiwer vu Staat a Gemenge
sollte standardméisseg op
Lëtzebuergesch sinn an op
der Récksäit eng franséisch
Iwwersetzung hunn.

Fir
Lëtzebuergesch
op enger
A-Sektioun

Gemengen an Administratiounen solle
vill méi op Lëtzebuergesch
kommunizéieren, och schrëftlech, an
ouni Feeler am Léifsten. Enseignanten, déi
Lëtzebuergesch ënnerrichten, sollen an
hiren Initiative vum MEN ënnerstëtzt ginn.
Lëtzebuergesch ass e wichtege Bestanddeel
vun eiser Kultur an Identitéit a soll och an
Zukunft néideg sinn, fir d'Nationalitéit ze
kréien. Vill Auslänner léieren eis Sprooch
gär a fannen et nëtzlech, fir
sech z'intégréieren.

Fir méi lëtzebuergesch
Coursen am Fondamental,
besonnesch och dat
Geschriwwent
méi fërderen.


Hi, I was pretty surprised to
see the names of the villages
along the roads in French (I live
in Schuttrange – why don't the
signs say Schëtter?) and my
suggestion is to start with this :)

5 OFSCHLOSS

An dësem Dokument hu mir den Tour gemaach a verschidde Meenungen, Initiativen, Froen an Doleancen, déi an eiser Gesellschaft mat der Lëtzebuerger Sprooch zesummenhänken, zesummegefaasst.

D'Efforte vun der Regierung sinn dran opgefuert, déi statistesch Aussoe vun enger representativer Ëmfro bei den Awunner virgestallt an analyséiert, d'Aussoe vun den interesséierte Bierger bei den Diskussionsronnen an um Internetforum resuméiert. Dat erlaabt en allgemengen Iwwerbléck a sollt zu engem nohaltege Konzept vun enger duerchduechter an akzeptéierter Fërderung vun der Nationalsprooch féieren.

Esou eng politesch Demarche, déi op dem Abezéie vun der Gesellschaft an der Partizipatioun vun engagéierte Bierger baséiert, gëtt dem fundamentale Charakter vun der Diskussioun iwwer d'Lëtzebuergesch an de Multilinguismus an eise Land gerecht. D'Gesetz iwwer d'Promotioun vum Lëtzebuergesch ass den 27. Juli eestëmmeg an der Chamber gestëmmt ginn. Dëst Gesetz erlaabt ënner anere Mesuren d'Ernennung vun engem Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Creatioun vun engem Zentrum fir d'Lëtzebuergesch. Domadder kënnen an enger noer Zukunft déi Projeten, déi an dësem Pabeier virgestallt goufen oder déi eng Äntwert op déi ugeschwate Problematike sinn, an Ugrëff geholl ginn.





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse